N°3358
Entrée le 14.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Äntwert vum Kulturminister a vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 3358 vum 17. Dezember 2025 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen

1. Gouf dës Campagne selwer intern an engem Ministère erstallt?

Op Initiativ vum Kulturministère huet d'Stroossebauverwaltung mat Ënnerstëtzung vun der Promotion de l'image de marque vum Wirtschaftsministère de Projet komplett staatsintern ëmgesat.

2. Falls nee:

   1. Gouf d'Kampagne ëffentlech ausgeschriwwen?
   2. Ënnert wéi enger Referenznummer(en) gouf dëse Projet ausgeschriwwen?
   3. Wéi vill Firmen hunn sech gemellt a wien krut den Optrag?

3. Wat ass de Gesamtkäschtepunkt vun der Campagne gewiescht? Wéi vill hunn d'Konzeptioun an den Design vun dëser Campagne kascht?

Déi reng Materialkäschte vun de Schëlder an de Kadere mat de Fundamenter belafe sech op 33.433,71 €. D'Schëlder goufen intern vun der Stroossebauverwaltung opgestallt.

Der Stroossebauverwaltung gëllt e grousse Merci fir hiren Asaz fir d'Lëtzebuerger Sprooch.

Lëtzebuerg, de 14. Januar 2026

De Kulturminister

(s.) Eric Thill